ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an un den Här Minister fir Digitaliséierung weiderzeleeden.

Am Koalitiounsvertrag tëscht den dräi Regierungsparteie gouf 2018 ee ganzt Kapitel der progressiver Digitaliséierung vun alle Beräicher vun der Wirtschaft a vum ëffentleche Liewen hei zu Lëtzebuerg als Zil formuléiert. Gläichzäiteg ass och d'Nohaltegkeet e wichtegt Zil vun der Regierung. Tëschent Nohaltegkeet an Digitaliséierung kënnen awer och Widdersprëch bestoen. All Internet-Sich, all E-Mail, all Aktioun, déi online ausgefouert gëtt, reest als Datebündel duerch Rechenzentren an hir Serveren. Verschidde Berechnunge ginn dervun aus, datt d'Rechenzentre weltwäit all Joer tëscht 200 a 500 Milliarde Kilowattstonne Stroum verbrauchen. Zuelen tëscht 2000 Milliarden an 3000 Milliarde Kilowattstonne gi fir d'Joer 2030 virausgesot. Fir ee méi konkret Beispill ze nennen: déi däitsch Rechenzentre verbrauchen all Joer sou vill Stroum wéi d'Haaptstad Berlin (3,5 Milliounen Awunner!).

An deem Kontext wéilt ech dës Froen un déi Häre Ministere stellen:

1) Wéi héich ass den Undeel vum Asaz vun digitalen Technologien um Lëtzebuerger Stroum-, respektiv Energieverbrauch? Wéi hunn dës Zuele sech säit 2013 entwéckelt? Aus wéi enge Quelle setzt dësen Energieverbrauch sech zesummen? Wéi grouss ass den Undeel vun den Datenzentren?
2) Wéi een Undeel vum Lëtzebuerger $CO_2$-Ausstouss entfält op den Asaz vun digitalen Technologien?
3) Wéi sollen dës Zuelen (Undeel vun digitalen Aktivitéiten um Stroum-, respektiv Energieverbrauch, Undeel un den equivalente Kuelendioxyd-Emissiounen) sech no Aschätzung vun der Regierung bis 2030 entwéckelen?
4) Ginn et Iwwerleeunge vun der Regierung, wéi een déi geplangten, ganz wäitreechend Digitaliséierung vum Lëtzebuerger Land an Zukunft sou gestalte kann, datt déi, an hiren Aen, ökologesch Nodeeler net méi grouss si wéi d'Virdeeler, déi d'Digitaliséierung mat sech bréngt? Wéi kann een déi „gréng" an déi digital Agenda vun der Regierung an Aklang bréngen?
5) D'Regierung huet virun e puer Wochen den Deelbebauungsplang fir de Projet Google Datenzenter zu Biissen approuvéiert. Huet de Minister Informatiounen doriwwer, wéi vill Kilowattstonne Stroum dësen Datenzenter bis 2030 verbrauche wäert? Wéi vill zousätzlech Tonnen equivalent $CO_2$-Emissioun soll dësen Datenzenter all Joer veruersaachen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten